N°1668
Entrée le 16.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.12.2024
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Dezember 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Am Kader vun engem Pilotprojet ass de Lycée Michel-Rodange fir d'Schouljoer 2022-2023 op de Wee vun enger A-Sektioun mat Lëtzebuergesch als 4. Sprooch gaangen. Nieft Spuenesch an Italieenesch kann een do säitdeem also och Lëtzebuergesch als 4. Sprooch wielen. De Cours huet 3 Stonnen d'Woch op $3^{e}$ a 5 Stonnen op $2^{e}$ a $1^{re}$.

D'Regierung hat an hirem Dossier de presse „Initiative fir d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen am Lycée" (27. Januar 2022) e breet gefächerte Programm ugekënnegt, an datt vill Aspekter vun der Sprooch a vum Land behandelt géife ginn.

Zwee Joer no Aféierung vun dësem Pilotprojet géif ech dem Här Minister gär follgend Froe stellen:

1) Leien dem Här Minister Zuele vir, wéi vill Sektioun-A-Schüler aus dem Lycée Michel-Rodange sech bis elo fir Lëtzebuergesch als 4. Sprooch entscheet hunn, opgefächert no Schouljoer (2022-2023 / 2023-2024 / 2024-2025)?
2) Ass geplangt, an Zukunft dëse Pilotprojet op aner Lycéeën auszewäiten?
3) Wann net, aus wéi enge Grënn ass dat net geplangt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1668 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

De Pilotprojet, deen den honorabelen Deputéierten a senger Fro viséiert, besteet doran, datt een am Lycée Michel-Rodange zanter dem Schouljoer 2022-2023 op der Sektioun A Lëtzebuergesch amplaz vu Spuenesch oder Italieenesch als sougenannt 4. Sprooch ka wielen. Leider huet dëse Projet, opgrond vu feelendem Interessi vu Säite vun de Schüler, bis elo nach net stattfonnt; et ass deemno och net geplangt, de Projet op weider Lycéeën auszedeenen.

D'Tatsaach, datt dëse Pilotprojet net konnt realiséiert ginn, refletéiert allerdéngs net e feelenden Interessi un der Lëtzebuerger Sprooch, mee schéngt aner Ursaachen ze hunn. Éischtens kann ee feststellen, datt den Interessi fir d'Sektioun A allgemeng zeréckgeet, am Lycée Michel-Rodange grad ewéi och an deenen anere Lycéeën. Zweetens huet sech am Gespréich mat de Schüler erwisen, datt si engersäits léiwer eng nei Sprooch léieren, anerersäits schéngen déi beruﬄech Perspektiven hinnen net attraktiv genuch ze sinn.

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH